Atelier N°8
Intitulé: "Mir schwätze mat" - Participatioun vu Kanner
Modérateur/-trice: Chris Thill
Rapporteur/-trice: Djuna Bernard

Sujets discutés ou présentés (état des lieux, questions):

Partie 1 :
Kommunikatioun tëscht Kanner an Erwuessenen :

- Nolauschteren als Aspekt vun der Kommunikatioun
- Erwuessener ënnerbriechen oft a schnell, bestëmmen d'Gespréichsthema oder korrigéieren d'Kanner
- Wat de Kanner als Thema wichteg ass, soll dem Erwuessenen och wichteg sinn
- Kanner hunn en anere Point de vue op Saache wéi Erwuessener
- Kanner differenzéieren zwar tëscht Fantasie a Realitéit, mee deelen et dem Erwuessenen net ëmmer mat
- E Kand geet dovun aus, datt d'Erwuessener d'Äntwerte scho kenne à Gespréichsnormen erklären
- Kanner hunn nach net all d'verbal Ausdrocksformen

Buch zum Thema: DELFOS, Martine, „Sag mir mal... Geprächsführung mit Kindern", *Beltz*, 9te Auflage, 31. Juli 2013, 204 Seiten

Partie 2:
Zwou Froen**:**

Bei wéi engen Themen/Planunge kënnen d'Kanner als Experte mat agebonne ginn?
Wéi erliewe Kanner Demokratie am SEA/Crèche/MR/Schoul?

Défis futurs / Pistes à élaborer:

Wou sinn d'Kanner Experten :
Bei allem wat sinn eppes ugeet, kënne mer se froen a mat abannen (Bsp : Spillplazen, Reim, Schoulwee, iessen, Aktivitéiten etc.)
Limitte sinn de Budget, Sécherheet, Gesondheet
Mir mussen de Kanner erklären, wat d'Modalitéite sinn, wisou eppes wier, wéini a wéi sou gemaach kann a soll ginn. Nëmme mat deenen Informatioune kënnen si d'Entscheedungen huelen.

Et geet net drëms, datt d'Kanner all Decisiounen huelen, mee datt se begleet, verschidden Decisioune kënnen huelen, an och de Prinzip vun Ofstëmmungen, Modalitéite wisou eppes wéi gemaach gëtt, verstinn.

Als éischt Themen definéieren, wou Entscheedunge kënne vu Kanner geholl ginn, dann Theme bezunn d'Decisioune mat de Kanner huelen. Net de Feeler maachen, e Gremium vu Kanner ze grënnen, di mat decidéiere sollen, wou mer net wëssen, wat se kënnen decidéiere à Frust!